





De Weekend vum 15. bis de 17. Mee war et erëm esou wäit, de Flyfishing Club aus Lëtzebuerg ass an d'Vogese gefuer fir zu Saulxures um Lac de la Moselotte mat der Méck ze fëschchen. Déi ganz Woch iwwer haten déi Äishelleg schonn hiert onwiesen gedriwwen an esou sollt et de ganze Weekend iwwer och weidergoen dat heescht Temperaturen am Dag vun héchstens aacht Grad an nach nëmme wann d'Sonn sech mol hei an do gewisen huet. Deen Temperaturstuerz huet sech natierlech och op d'Fësch ausgewierkt wat heesche well et war schwéier ganz schwéier fir Fësch ze fänken. Eise Fëscher huet dat awer séier wéineg uitgemaach ware Sie dach trotzdeem oder grad duerfir beschtens gelaunt a frou iwwerhaupt ënnert Kolleege beim Waasser ze sinn. Ganz erfreet ware mir dass des Kéier och déi jonk Generatioun mat dobäi war ewell den Andy an d'Cindy hier Kanner matbruecht haten. Genee esou frou ware mir dass och eise Senior den Eugène mat senger Fra un eiser Sortie deel geholl haten, Sie ware scho vu Méindes aus un op der Plaz an hunn esou eng kléng Vakanz aus eiser Sortie gemaach. Mäin éischte Wee all Moie war ëmmer an de Chalet bei de Fränz an de Gérard, hei hu mir da mol iwwert Gott an d'Welt philosophéiert an dobäi sinn ech och dee leschte Beschass (Neiegkeeten op lëtzebuergesch) gewuer ginn a mir haten eis nawell ëmmer gutt Zäit duerfir geholl.





Eis Sortie an d´Vogese gehéiert och zu den Héichpunkten an eiser Fëscher Saison, hei fuere mir ze guer zwee Mol am Joer dohinner, ee mol am Fréijoer an ee mol am Hierscht. Dëse Site bitt sech fërmlech u fir als Club ee Weekend oder eng Vakanz ze verbrénge well op dëser Plaz genuch Chaleten am Beräich vun der Base de Loisir zu Verfügung stinn an Des och beschtens équipéiert si fir esou een Openthalt ze organiséieren. Eise Club war eng éischte Kéier am Joer 2007 dohinner gefuer fir sech op

der Plaz ze informéieren, dëst nodeems ee vun eise Memberen eis gesot hat dass Hien schonn zanter Jore géif do mat der Méck fëschchen. Deemools hu mir nach am Hotel les Vallées zu la Bresse geschlof mee mir waren awer vum Roger invitéiert fir bei Him ze grillen ewell Hien schonn deemools an engem Chalet iwwernuecht huet. Dat hat eis dunn och esou gutt gefall dass mir decidéiert hate bei der nächster Sortie och Chaleten ze lounen an zanter hier freeë mir eis all Joer op een Neist fir kennen dohinner ze fueren. Zanter hier huet sech awer och vill gedoe wat d'fëschchen ubelaangt, hate mir an den Ufanks Joren de Séi praktesch fir eis erläng sinn am Laf vun de Joren ëmmer méi Fëschcher op de Geschmaach vun dësem schéine Site komm zemools wou een hei ëmmer ganz schéin an déck Fësch fänke konnt. Dat huet natierlech mat sech bruecht dass d'Fësch ëmmer méi virsichtig ginn si mee och Haut kann een op dëser Plaz nach ëmmer schéi Fësch fänken an dovunner profitéieren eis Fëschcher ëmmer erëm all Joers op Neist.



Nom Iessen, ech hat mir des Kéier selwer gekacht ewell ech och wollt vun de Vogese profitéiere fir Fotoen ze maachen, hat ech mir et ee bësse gemitterlech op der Terrasse virum Chalet gemaach an hunn de Villercher nogekuckt, do sinn zwou blo Meesen ëmmer an den Ahorn virum Chalet geflunn a sinn duerno ënnert dem Dach vum Chalet era geflunn, déi haten do hiert Nascht mat Kléngen. Iwwerhaupt muss ee soen dass de Lac de la Moselotte wonnerbar an der Natur integréiert ass a vu

Saulxures aus ass et ee Kazesprong bis op la Bresse, Gerardmer oder op d'route des Cretes wou et op den Hohneck geet. Eis Fëscher sinn ëmmer Owes zesummen Iesse gaangen an ech hu mir soe gelooss dass Sie et sech nawell gutt schmaache gelooss hu wat och ze erwaarde war huet dach de Fränz ewéi ëmmer dat mam Iessen an d'Hand geholl an Hien ass jo mat Sécherheet ee gudde Kaschtgänger.



Jee mir kucken erëm op eng ganz gelonge Sortie zeréck wann et och hätt kennen deen een oder anere Fësch méi si mee dat léisst sech awer net steiere genoe sou ewéi d'Wieder an dat ass och gutt esou. Eis nächst Sortie féiert eis elo den 30. Mee op Freux bei Libramont an der Belsch wou mir eng zweete Kéier fir des Joer untrieden. Des Sortie ass natierlech erëm verbonne mat Grillen wann d'Wieder et zu léisst a wann net da musse mir erëm improviséieren esou ewéi dat lescht Joer de Fall war wou mir beim Donnerwieder séier mat eise Grill an der Scheier Plaz fonnt haten an do weider gegrillt hunn ewell esou séier geheie mir net d'Bengele bei d'Tromm.



